



Här Chris BERNARD
Gemegeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz : 2025.68597.SECR

Péiteng, den 27. Oktober 2025

Betreff: Är Froe vum 27. September 2025

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Yves SCHILTZ - Tel.: 50 12 51 - 3011)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 27. September 2025 stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

De Schäfferot vun der Gemeng Péiteng gëtt reegelméisseg Etude an Optrag. D'Etude déi an Optrag ginn si, ware vun ënnerschiddlecher Natur an de lëschte Joren. Méiglech Etuden déi eng Gemeng ka lancéieren, sinn Etude am Ëmweltberäich, fir d'Urbanisatioun, Etude am technesche Sënn oder Etude vu juristescher Natur.

Iwwert d'Gemegegesetz vum 13 Dezember 1988, am Artikel 5, ass et dem Schäfferot erlaabt Etuden unzufroen an duerchzeféieren, falls se dem Interêt public lokal dengen.

Als Oppositionspartei am Gemengerot ass et awer eis d'Recht budgetär Gestiou a Strategie vun der Gemeng a Fro ze stellen, betreffend d'Unzuel a d'finanziell Lascht vun den Etude, dëst bezunn op d'annuell oder pluriannuell Budgete.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemegegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

- 1. Wéi vill Etuden si vun der Gemeng Péiteng an de lëschte 5 Joer an Optrag gi?*
- 2. Fir wéi een Interêt stoungen déi jeeweileg Etuden? (Ëmwelt, Urbanisatioun, Circulation routière, Sécurité locale, Mobilité locale,...).*
- 3. Wéi vill hunn déi eenzel Etude kascht, déi iwwert 5 Joer ugefrot ginn si? (Coût cumulé)*
- 4. Op wéi vill belafen sech Käschte vun den Etudë pro Joer, an dëst vun 2020 aus un?*
- 5. Wéi vill vun den ugefroten Etuden, déi an de lëschte 5 Joer ugefrot ginn si, si tatsächlech duerchgefouert gi?*



6. Kann eis de Schäfferot d'Rapporte mat den entspreichenden Conclusiounen zoukomme loosser, vun deenen Etuden déi schlussendlech duerchgefouert ginn si?
7. Wéi vill vun den Etuden déi vun 2020 ugefrot ginn si, si schlussendlech net duerchgefouert ginn a wat war de Grond wisou des Etude verworf ginn si?
8. Wéi ee Budget huet de Koalitiounsvertrag vun CSV- LSAP ugi, dee fir Etudë sollte bereetstoen fir Legislatiounsperiod (2023-2029)
9. Waren all Etuden déi an Optrag ginn si an de lëschte Joren, jee weils am "budget annuel voté" opgelëscht gi? Wa "jo", ënnert wéi enger Rubrik a Nummer si déi Etude, am Gesamtbudget opgelëscht gi?
10. Goufe verschidden Etudë mat dem selwechem Charakter/But an de lëschte Joren méi wéi eemol duerchgefouert?
11. Wéi vill Etudë goufe vum Innenminister ofgeleent, dëst wéinst dem budgetäre Charakter, respektiv wei vill Budgete goufe vum Innenminister akkordéiert?
12. Wéini besteet fir de Schäfferot den Motiv eng Etude an Optrag ze ginn?
13. Wéi vill Etudë goufen an de lëschte 5 Joren an eege Regie duerchgefouert, wat war d'Motivatioun?
14. Wéi eng Büro/Firmen/Gesellschaften hunn an de lëschte 5 Joren d'Etude fir d'Gemeng Péiteng duerchgefouert? Respektiv wéi eng Etude hu welch(e) Büro/Firma/Gesellschaft duerchgefouert?

Mat Respekt,

Chris Bernard
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Här Bernard,

Zu Ären éischten 2 Froen ass Follgendes ze bemierken : d'Gemeng gëtt dagdeeglech Etuden an Optrag. All Fro déi sech stellt, ob technesch, ëmwelt-technesch, verkéiers-technesch, sécherheets-technesch, urbanistes, finanziell, etc., muss analyséiert an aussernee geholl ginn. Haaptsächlech gëtt dëst vun de verschidde Beamten an hire Kompetenzberäicher gemaach. D'Beamten treffen awer oft op d'Grenze vun hirer Kompetenz, respektiv iwwersteigt den Aarbechtsofstand déi zäitlech Kapazitéite vun deene betraffene Persounen, esou dat si op déi temporär Hëllef vun auswäerts ugewise sinn. Dobäi kënn dat verschidden technesch Etuden (z.B. Stabilitéitsetuden, etc.) gesetzlech nëmme vun habilitéierte Büroen dierfen duerchgefouert ginn. Verschidden Etudë sti vir sech selwer a si hu keng Suite wat eng direkt Ëmsetzung dovunner bedeit, sou z.B. d'Elaboratioun vun engem neie PAG. Doriwwer eraus hunn awer all Infrastruktur- an Héichbauprojeten en Undeel un Etuden dee staark, jee no Komplexitéit vum Projet, variéiert. Hei kann den Undeel vun den Etuden um Gesamtchiffer vum Projet tëschent 10 an 30 % ausmaachen.

Wat elo d'Unzuel ugeet iwwer déi lëscht 5 Joer, esou geet déi mat der Unzuel vun all eenzelne Bauprojet, souwéi all anerem Projet mat. Fir eng genau Zuel ze nennen, sou wéi dës och nach no Beräicher ze kategoriséieren, missten een oder méi Beamten eng Etude, spriech Recherche duerch de ganze Budget vun de lëschte 5 Joer duerchféieren.

